



Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, an dem Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro n° 4071 vum 7. Mai 2026 vum éierbaren Deputéierten Här Marc Goergen iwwert Besteuerung vum REVIS ("Imposition du REVIS")

1. Wéi vill REVIS-Beneficiairen hunn an de leschte fënnef Joer retroaktiv Steieren missten nobezuelen am Zesammenhang mam REVIS?

D'Donnéeën, déi am informatesche System disponibel sinn, erlaben et net, dës Informatiounen op eng zouverlässeg a systematesch Aart a Weis z'identifizéieren. De Grond dofir läit doran, datt och aner Akommes, wéi zum Beispill Pensiounen a Renten, an der betreffender steierlecher Akommeskategorie erfaasst a besteeit ginn, an an engem Gesamtbetrag souwuel an der Steiererklärung wéi och bei der Besteuerung zesummegefaasst ginn.

D'Steierverwaltung verfuegt deemno net iwwer déi gefroten Informatiounen.

2. Wéi gëtt aktuell garantéiert, datt Beneficiairen vum REVIS kloer an verständlech iwwert d'Besteuerung vum REVIS informéiert ginn?

3. Wéi wäert de Staat REVIS-Empfänger ënnerstëtzen, fir Steuer-Iwwerraschungen duerch retroaktiv Besteuerung ze verhënneren?

Wéi schonn an der Äntwert vum 22. Dezember 2023 op d'parlamentaresch Fro n° 29 vum 23. November 2023 ausgefouert gouf, ass de « Revenu d'inclusion sociale » (REVIS) Deel vum steierpflichtege Akommes, dat iwwert de Wee vun enger Akommessteiererklärung ze erklären ass, wann dëst Akommes vun der Persoun oder – am Fall vun enger gemeinsamer steierlecher Veranlagung – vun sengem Ménage eng vun de Limitten iwwerschreit, déi am geännerten groussherzogleche Reglement vum 13. Mäerz 1970 zum Artikel 116 vum Akommessteiergesetz an am Artikel 153 festgeluecht sinn. Dëst gëllt och am Fall, wou de REVIS-Bezéier e Steierkredit fir Ellengerzéier (Crédit d'impôt monoparental, CIM) an senger Akommessteiererklärung ufreet.

Keng Steuer fällt un, wann de netto ze versteierende kumuleierten Montant vun de verschiddenen steierpflichtegen Akommen ënnert dem Montant leit, ab där eng Akommessteuer no dem progressive Steuerbarème effektiv ufalen géif. Dës Grenz läit aktuell bei 13 400 Euro am Joer an der Steuerklasse 1, bei 26 600 Euro an der Steuerklasse 1a an bei 26.650 Euro an der Steuerklasse 2.

D'Steierverwaltung steet dem Bierger fir all noutwendeg Renseignementer zur Verfügung. De Bierger soll am Zweiwelsfall all relevant Informatioun un schein Steierbüro ginn. An deem Zesammenhang gouf ënner anerem e Contact Center bei der Steierverwaltung ageriicht, wou een uruffen oder schrëftlech Ufroen iwwer ee Kontaktformulaire um Internet maache kann. Onofhängeg dovunner steet et dem Bierger fräi, sech un säi zoustännege Steierbüro ze wenden, fir individuell Ënnerstëtzung ze kréien.

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth